N°8232
Entrée le 14.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 14.08.2023

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. August 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Esou wéi et mir zougedroe gouf, ginn am Domaine Thermal vu Munneref, engem ëffentlechen Etablissement, Moies beim Kaffi verschidde Produiten vun auslännesche Fournisseuren, zum Beispill Botter, zerwéiert, fir déi och Lëtzebuergesch Ubidder géifen zur Verfügung stoen.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Gesondheetsminister gär dës Fro stellen:

1) Kann d'Madamm Minister matdeelen, wéi déi Decisioun motivéiert ass, hei op auslännesch Produiten zeréckzegräifen, amplaz deene vun Entreprisen, déi och hei am Land Steiere bezuelen? Gesäit d'Madamm Minister am Kader vun der ëffentlecher Tutelle vir, fir hei ze intervenéieren? Falls net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

N° 8232
Entrée le 20.10.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 8232 vum 14. August 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen.**

Den Domaine Thermal vun Mondorf ass en Etablissement public wat no de Richtlinnen vum Privatrecht géréiert gëtt. Säit op mannst 15 Joer kënnt de Botter, dee Moies beim Kaffi zerwéiert gëtt, zu 95% vu Lëtzebuerger Produzenten. Duerch een rezenten Liwwerungsenkpass huet kuerzfristeg missten eng Iwwergangsléisung fonnt ginn. D'Situatioun huet sech entretemps rëm régulariséiert.

Den Domaine Thermal vun Mondorf engagéiert sech säit Joeren derfir fir méi ökologesch, biologesch an « produits du terroir » anzekafen (wuel bemierkt dass d'Notioun vun « terroir » op die speziell geografesch Situatioun vum Domaine ze bezéien ass, besonnesch wat d'Proximitéit zu der franséischer an däitscher Grenz betrëfft).

An dësem Sënn ass den Kaffisbuffet esou gudd wéi zur Halschecht aus lokalen an regionalen Produkter zesummegestallt, dorënner lëtzebuergesch an hausgemaachten Produkter. Et sief erwänt dass den Domaine Thermal vun Mondorf saïn eegenen Hunneg hierstellt an een Deel vun den Eeër, d'Gebees esou wéi d'«pâte à tartiner» hausgemach sinn. Dësweideren staamt een Deel vum Uebst vun den 150 Uebstbeem déi säit 2020 an engem Bongert geplanzt goufen.

Dësweideren sicht den Domaine Thermal vun Mondorf permanent no Alternativen am Kontext vun engem ökologeschen, biologeschen an regionalen Akaf. Dëst ass och de Fall fir de Lëtzebuerger Botter, deen aktuell nach a Plastik verpaakt ass. Et sief an dem Kontext ze erwänen dass den Domaine Thermal säit Februar 2020 den „EcoLabel niveau Or" huet (ee Label den vum Economieministère verdeelt gëtt). Aus dësem Grond muss op esou vill Plastik wéi méiglech verzicht ginn.

Lëtzebuerg, den 20. Oktober 2023

D'Gesondheetsministesch
(s.) Paulette Lenert